LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

Luxembourg, le 17 novembre 2017

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
20 NOV. 2017

Monsieur Fernand ETGEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, blvd Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire n° 3361 de l'honorable Député Gast Gibéryen**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique. La version électronique a été transmise à vos services par voie de courriel.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Ministre de l'Intérieur

Dan Kersch

19, rue Beaumont
L-1219 Luxembourg

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Intérieur Dan Kersch à la question parlementaire n° 3361 de Monsieur le député Gast Gibéryen**

Op déi vum honorabelen Deputéierte Gast Gibéryen ugeschwate Froe betreffend de Referendum an der Gemeng Koplescht fir datt d'Gemeng Koplescht dem Walbezierk Zentrum ugeschloss gëtt, kann ech folgend Äntwerte ginn:

Den Artikel 35 vum Gemengegesetz erlaabt et dem Gemengerot d'Wieler ze froe sech zu engem Sujet ze äusseren dee vum kommunalem Interessi ass. D'Gesetz hält ausdrécklech fest, datt de Referendum nëmmen ee consultative Charakter huet. D'Modalitéite vun engem Referendum um kommunalen Niveau, sinn duerch d'ofgeännert Reglement vum 18. Oktober 1989 gereegelt.

Doriwwer eraus ass, gemäss dem Artikel 51. (6) vun eiser Verfassung, d'Land a 4 Walbezierker agedeelt.

De Süden mat de Kantonen Esch/Uelzecht a Capellen, den Zentrum mat de Kantone Lëtzebuerg a Miersch, den Norden mat de Kantonen Dikrech, Réiden, Wolz, Clierf a Veianen an den Osten mat de Kantone Gréiwemaacher, Réimech an Iechternach.

De Walbezierk zu deem eng Gemeng gehéiert, hänkt also vum Kanton of wou déi Gemeng dran ass. D'Gemeng Koplescht, déi am Kanton Capellen läit an dofir och am Walbezierk Süden, misst also an de Kanton Lëtzebuerg oder Miersch transferéiert gi fir an de Walbezierk Zentrum ze kommen.

Dëst ënnersträicht dann och, datt een dës Entscheedung an eng global Diskussioun iwwer d'Andeelung vun eisem Land a Walbezierker muss féieren, déi een eventuell kann ugoen, déi allerdéngs net virun den nächste Chamberwale wäert ofgeschloss sinn.